# Filmkritik

*Kuckt e lëtzebuergesche Film oder eng lëtzebuergesch Serie a sammelt weider Informatiounen (z. B. iwwert de Regisseur/d'Regisseurin, d'Dréiaarbechten, d'Schauspiller ...) dozou. Schreift duerno eng perséinlech Kritik vum Film oder der Serie. Schreift ongeféier 500 Wierder.*

Orientéiert Iech un dësem Opbau:

## 1. Aleedung

Ech hunn de Film / d'Serie ... vun dem/der (+ Auteur/Autorin, Regisseur/Regisseurin, Produzent/Produzentin) gekuckt.
De Film / D'Serie gouf zu … gedréit.
D'Dréiaarbechten hunn … gedauert.
D'Serie huet fir de Moment ... Staffelen an ... Episoden.
Déi finanziell Ënnerstëtzung war ...
Zu de Schauspiller kann ee soen, datt …

## 2. D'Handlung

Den Titel vum Film / vun der Serie weist op … hin.
Et kann een dëse Film / dës Serie dem Genre … zouuerdnen.
De Film / D'Serie spillt … (+Epoch), … (+Plaz)
D'Haaptpersonnagë sinn …
Am Film / An der Serie gëtt d'Geschicht vun ... erzielt.
Et geet ëm …
Et ginn divers Theemen ugeschwat, wéi zum Beispill ...

## 3. Perséinlech Appreciatioun

Mäin éischten Androck vum Film / vun der Serie war ...
Mir perséinlech huet dëse Film / dës Serie (net) gefall, well …
D'Handlung ass menger Meenung no …
Déi schauspilleresch Leeschtung ass …
Wat d'Sprooch betrëfft, …
Zu de Kostümer kann ee soen, datt ...
D'Kameraféierung an d'Spezialeffekter hunn ech ... fonnt.
Am grousse Ganzen …